



Véronique Nosbaum an Alex Reding. Ausstellen fir ausstellen geet hinnen nët duer.

Déi zwee Nei-Galeristen fotograféiert vum Christian Mosar.

Anders fernsehen

(rw) - In den Weihnachtswochen war mal wieder Gelegenheit, gemütlich vor dem Fernseher zu hängen und die Zap-Kultur zu pflegen. Bei solchen Übungen wird vor allem eins deutlich: der Qualitätsunterschied zwischen unserem Abendmagazin und Programmen in anderen Ländern. Nicht gerade fernseh-journalistische Glanzstücke sind Umfragen zum neuen Jahr oder die Beiträge, die Youngsters ansprechen sollen: Die beste Sendezeit wird mit unbedarften Beiträgen von Sylvesterbällen und Discos gefüllt. Die Kultursendung am Samstag vereint interessante Einblicke ins Kulturleben mit braven Gefälligkeitsbeiträgen. Und das nicht nur zur Weihnachtszeit, auch übers Jahr werden wir nicht verwöhnt.

Bei anderen Sendern wird da etwas mehr geboten. Während zum Beispiel der Private M6 regelmäßig mit dem Magazin "zone interdite" aufwartet, in dem Features mit Gesprächsrunden verbunden werden, bringt das RTBF die Sendung "l'écran-témoins", in der ein längerer Filmbeitrag eine Publikumsdiskussion einleitet. Und beim Regionalsender SW3 kommt alle paar Wochen eine ansprechende Kultursendung aus dem Saarland.

Dass ordentlich recherchierte journalistische Beiträge teuer sind, liegt auf der Hand. Und RTL darf nur bis zu einer gewissen Höchstgrenze Gewinne machen, um in puncto Werbung die Presse nicht zu schädigen. Doch die Philosophie des Senders ist auch klar kommerz-orientiert: es geht nicht prioritär um Qualität, sondern darum, ein Massenpublikum anzuziehen. Und das Lastenheft, das RTL zu gewissen "öffentlich-rechtlichen" Aufgaben verpflichtet, sieht nur eine halbstündige Nachrichtensendung pro Tag vor. Die fast schon pädagogische Mission eines öffentlich-rechtlichen Fernsehsenders, neben Nachrichtenüberlieferung auch breitere politische und kulturelle Aufklärung zu betreiben, entfällt deshalb in Luxemburg.

Fernsehqualität ist auch eine politische Frage. Einerseits müsste überhaupt der Wille da sein, ins Lastenheft eines Privatsenders eine solche Mission einzuschreiben. Andererseits müsste dann hierfür Geld locker gemacht werden. Vielleicht braucht Luxemburg langfristig eine von RTL unabhängige öffentlich-rechtliche Nachrichtenredaktion. Der beschwerliche Weg des soziokulturellen Radios zeigt allerdings, dass da mit einigen Hemmnissen zu rechnen ist.

GALERIEN

Fir lëssen a Gedrénks as gesuergt

D'Véronique Nosbaum, den Alex Reding an hier nei Galerie: Alimentation Générale.

D'Stroosbuenger Plaz krut eng an d'Gesicht. Den Economat as zou. Keen Uebst a Geméis méi, keng almoudesch Käddien. Op där enger Säit verkeeft een eis elo Designermiwelen. Ennen um Eck, op der Nummer 101, sin an de leschte Wochen eng ganz Partie bekannte Figuren aus dem lëtzebuenger Konscht- a Nuetsliewen a bloë Schippen voller Faarwlecken an an aus gaangen.

"De Straxel mécht eng Galerie op!", huet et geheescht, an d'-Kollege vu fréier an haut wore sech nët ze schued, fir beim Usträchen eng Hand unzepaken. Straxel, sou gouf den Alex Reding a senger Studentenzäit genannt. Den Numm passt haut nët méi sou richtig bei de mëttlerweil 30järegere Kënschtler. Zesumme mat senger Frëndin, der Literatur- a Museksstudentin Véronique Nosbaum, huët en decidéiert frësche Wand an der lichts verstëpsten staadter Galeriewelt opkommen ze loosse.

"Alimentation générale" nennt sech dee neie Konschteck, Ennertitel "art contemporain". Eng Uspilling un de verflossene Supermarché deen an dëse Reim säi Lager haat. D'Wuert "Galerie" hun déi zwee

Konschtbegeeschtert bewosst ewechgelooss. Si wëllen hei keng klassesch Galeriestraat bedreiwen, villméi soll den eenzelne Kënschtler selwer am Mëttelpunkt stoën. Niewent den Ausstellungen gin och Evenementer "in situ" programméiert: Installatiounen, Happenings a Konscht déi op der Plaz entsteet. Fir esou "onrentabel" Eventer méiglech ze maachen muss awer och genuch verkaf gin. Déi zwee si frou wann an enger éischer Phas null vu null opgeet.

E Refuge fir kulturell Flüchtlingen

Déi jonk lëtzebuenger Kënschtler am Alter ëm 30 fënt ee bis elo kaum am nationale Circuit vun de Galerien erëm. Déi meescht talentéiert Lëtzebuenger an deem Alter verzéie sech dofir a Länner, wou sech méi mat zäitgenössescher Kreatioun ausenangeresat gët. Mee och de Publikum vun den "thirtysomethings" fënt hei kaum Konscht mat där e sech identifizéiert, an déi en och kafe ging.

Den Alex Reding gehéiert nët zu de kulturelle Flüchtlingen.

Als Artist huët en hei e gewëssenen Erfolleg, mee dat geet him nët duer. Grad wéi an anere Konschtsparten kënn ee relativ séier op e Punkt wou een den Tour gemaach huët. "Ausstellen, nëmme fir ausstellen", dat seet him nët vill. Hie vermësst bei eis den Echange tëscht Kënschtler, deen en als Student zu Paräis an zu Düsseldorf genoss huet. Och den Engagement vun de Galeristen vis-à-vis vun "hiere" Kënschtler "kënn hee oft ganz no un Null erun". Eng vun de Motivatiounen as also och eng gewësse Frustratioun mat den Zoustänn hei am Land. Mee am plaz nëmme ze meckeren an näscht ze maachen, huet hien, zesumme mam Véronique, decidéiert anere Kënschtler d'Chance ze gin, nei Weer zu Lëtzebuerg ze goën.

D'Véronique Nosbaum huet zu Paräis "lettres modernes" studéiert, a sech an d'Poesie aus dem 20. Jorhonnert geknéit. Am Moment mecht hatt zu Léck am Conservatoire Royal Gesang. Erfahrungen am Konschtmilieu huet hatt virun allem bei engem Job an der "Marian Goodman Gallery" zu New York gesammelt. Seng Affinitéiten zur Konscht hu sech natierlech duerch seng Bezéiung mam Alex Reding multiplizéiert.

Am Prinzip deelen déi zwee sech d'Arbechten op, och wann d'Véronique dat Administrativ quasi aleng assüriert. Den Alex wäert an den nächsten zwee Joër manner selwer kënschtleresch schaffen, mee sech op d'-Galerie a seng "hallef Tache" als Konschtprof am "Technique"

konzentréieren. Galerie a Konscht gin nach nët duer fir Brout op den Dësch ze bréngen.

Casino, Manifesta, Pei & Co

D'Demarche vun der Koppel as och am Besuch op e gewëssene Mouvement ze gesin deen em 1995 zu Lëtzebuerg ausgeléist gouf. Eng Ouverture vum Konschtmilieu duerch Kulturjoër, Manifesta, Casino an deem nächst Peimusee. Dës Dynamik huet an de Galerien awer nët allzevill Welle geschlon, an do setzen Nosbaum a Reding un.

Et war schwéier den éischen Artist ze fannen well "een nët direkt etiketiert wëllt gin". De jonken däitsche Kënschtler Jan Stieding mécht eng nüchtern a figurativ Molerei, déi engem neien, éischer intimistesche Courant ugehéiert, an engem breede Publikum gefale kann. Am März wäert d'Lëtzebuengerin Tina Gillen, déi zu Antwerpen liewt, séch an den dräi Reim op der Stroosbuenger Plaz mat Projektionen a Wandmolereien breet maachen an am Lokal selwer schaffen.

Et soll een den zwee jonke Galeriste wënschen dass se et färdeg bréngen hieren Ambitioune gerecht ze gin. D'Stroosbuenger Plaz as och frou wann hire face lifting e bëssen neit Liewen mat sech bréngt.

Serge Tonnar

Alimentation Générale - Art Contemporain, 101, rue Adolphe Fischer, L-1521 Lëtzebuerg, Tel: 26 19 05 55. www.artcontemporain.lu.

D'Ausstellung vum Jan Stieding as vum 20.1. bis de 24.2. programméiert. Vernissage as e Samsdeg den 20. Januar um 18 Auer. Fir lëssen a Gedrénks as gesuergt.